N° 4861
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 14 -09- 2021

**Objet : Question parlementaire n° 4861 du 16 août 2021 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant « Audit de l'Inspection générale de la Police »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri Kox

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'Fro n°4861 vum 16ten August vun dem éierbaren Deputéierten Fernand Kartheiser**

**<u>Ad Fro 1</u>**

D'IGP huet eng Missioun vum Législateur kritt déi doranner besteet d'Police ze kontrolléieren. Als externt an onofhängegt Kontrollorgan vun der Police, mécht d'IGP Enquêten iwwert d'Behuelen an d'Handlungen vu Polizisten. Dat kënnen, ënnert anerem, administrativ Enquêten sinn op Basis vun Reklamatiounen vun Bierger, penal Enquêten ënnert der Leedung an der Kontroll vun den Geriichtsbarkeeten oder disziplinaresch Instruktiounen op Basis vun enger Saisine/ vun engem Opdrag vum Generaldirekter vun der Police. Fir dës Missiounen kënnen auszeüben sinn d'Neutralitéit an d'Objektivitéit zwee wichteg Wäerter déi mussen garantéiert sinn. D'IGP huet sech déi Wäerter ginn an handelt an hiren Missiounen deementspriechend. D'IGP genéisst am Kader vun hirer Aarbecht main Vertrauen.

D'Wichtegkeet vun esou engem externen an vun der Police onofhängegen Kontrollorgan ass och vun der Police selwer unanimement unerkannt.

Et versteet sech datt d'IGP an sengem Rôle als Kontrollorgan net ëmmer beléift ass bei eenzelnen Beamten an et deemno zu méiglechen Spannungen kann kommen.

**<u>Ad Fro 2</u>**

An noer Zukunft ass vun menger Säit geplangt en Débat de Consultatioun an der Chamber iwwert d 'Ëmsetzung vun dem Gesetz vum 18ten Juli 2018 iwwert d'IGP ze féieren, sou wéi dëst och fir d'Gesetz vum 18ten Juli 2018 iwwert d'Police gemaach gouf.
Dësen Débat wier eng Opportunitéit en éischte Bilan ze maachen.

Adresse postale :
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Adresse bureaux :
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

secretariat@msi.etat.lu
Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 247-94678

www.luxembourg.lu
www.gouvernement.lu